

# In Memoriam

## FRAITURE Marcel

Plötzlich an onerwaart ass eisen Marcel Fraiture den 13. Mai 2003 aus dem Leewen gerappt ginn. Heen hätt geschwënn säin 68. Gebuertsdaag kënnen feieren, mä et waar him leider nick méi vergënnt.

Als Ziichter huet de Marcel 1960 mat Wäiss a Blau Wiener ugefaang, duerno Weissgrannen an die lest Joeren woeren et Russen die seng Ställ besaaten.

Och an der Gefliggelzucht woer hien aktiv, a séng Kraienköpfe waeren die lest 12 Joer op eisen Ausstellungen ze gesinn.

1963 as de Marcel an de Comité komm, eng gewëss Zäit als Caissier an duerno 20 Joer als Vize-President.

De Marcel waar massgeblich um Opbléien vun eisem Veräin bedeelegt, jo hien woer een vun dën Haaptpiliéen. Et woer de Marcel dee

nô dem Doud vum Präsident Grisius 1982 gedriwwen haat fir datt D'Wéeltzer Klengdéierenziichter sollen viirun bestoen bleiwen. Et ass näischt ginn waat de Marcel erschreckt hot an ëmmer waar heen a Gedanken fir eiss Aktivitéiten ze verbessern an ze erweiteren.

An senger Hobbyschreinerei ass dann och esou munscht Stéck entstanden daat hackt am Veräin néidig gebraucht gëtt. De Marcel waar laang Joeren den Organisator vun den Tombola'en an huet séch 1992 direkt bereet erklärt fir d'Verantwortung iwert eist Clublokal ze iwwerhuelen.

Bäi allen Manifestatiounen, woer ët vun eis, vun der Gemeng oder vun der U.S.A.,L., de Marcel woer ëmmer présent.

Mir wärten die schéi Stonnen die mir zusummen verbraucht hun nick vergeessen



Eisen Tour an d'Movie-world 2002



Dem Marcel séng Russen op der Landesschau.

**De Marcel wäerd äiss ëmmer a gudder Erënnerung bleiwen.**

